N°8282
Entrée le 04.09.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 04.09.2023

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, de 4. September 2023

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Sportminister weiderzeleeden.

Virun der grousser Vakanz gouf et e Fall vun engem American-Football-Spiller, dee via de „Service médico-sportif" seng Lizenz erneiere wollt, do awer ofgewise gouf respektiv laut RTL-Reportage e „Sursis" bis den 12. September krut. Laut „Service médico-sportif" ass de Mann ze déck a gouf an d'„Clinique de l'obésité" geschéckt. Do gouf him geroden, nach weider medezinesch Rendezvousen ze maachen: bei engem Sportsdokter, enger Dieteticienne, engem Pneumolog an engem Psychiater.

Wéi den American-Football-Spiller am Reportage seet, ass de BMI (Body Mass Index) a sengem Fall de Problem fir d'Erneierung vun der Lizenz. Mee a Sportaarte wéi dem American Football oder dem Rugby bräicht ee Leit vun all Gabarit, seet hien.

An deem Kontext wéilte mir folgend Froen un den Här Sportminister riichten:

- Kann den Här Minister de beschriwwene Fall confirméieren?
    - Wa jo, aus wéi engem Grond ass den American-Football-Spiller opgefuerdert ginn, Rendezvous bei engem Psychiater ze huelen?
    - Hält den Här Minister déi konsequent Applicatioun vun de Reegele vum BMI duerch de „Service médico-sportif" am beschriwwene Fall fir adaptéiert oder ass hien der Meenung, dass et fir bestëmmte Sportaarten eng Ausnamereegelung misst ginn?
- Sinn nach weider, änlech gelagert Fäll bekannt an op wéi eng Sportaarte bezéien se sech?

Här President, mir bieden Iech, eisen déifste Respekt unzehuelen.

| | | |
|---|---|---|
| Laurent Mosar | Georges Mischo | Nancy Arendt ép. Kemp |
| Deputéierten | Deputéierten | Deputéiert |